




Och dëst Joer ass et fir d´Membere vum Flyfishing Club aus Letzebuerg a Frankräich um Domaine de Sommedieue erëm lass gaangen, hei wou mir dat lescht Joer och eis Fëschersaison ausklénge gelooss hunn. Et haten sech och fir den Optakt vun der neier Saison erëm vill Fëscher afonnt an esou konnt engem flotten Dag beim Waasser Näischt am Wee stoen zemools wou och nach d´Wieder matgespillt huet. E klenge B mol war dass eise President fir dës Sortie ausgefall war an dat huet e scho gemierkt oder loosse mir soe säi Gestëppels huet eis dach gefeelt a mir hoffen dass Hien déi nächste Kéier erëm dobäi ass an ewéi mir Hien kennen hëlt Hien dann Alles no wat Hien fir den Optakt verpasst huet.

Mir waren also ugetruede fir eis alt nees eng Kéier mat de schéine Forelle vu Sommedieue ze moossen a wat soll ech soen, et ass nach eemol ewéi d´Anert ëmmer erëm op een neist en Erliefnes fir zu Sommedieue mat der Méck ze fëschen.







Net fir Näischt hu mir de Site vu Sommedieue zwee mol am Joer an eisem Programm ass dëse Site dach exemplaresch fir mat der Méck ze fëschen. Am klore Waasser kann een net nëmmen d´Fësch ausmaachen, et kann een och ganz gezielt probéieren dann och deen ausgemaachenen Fësch ze fänken an heivir bitt sech dann och nach eng besonnesch Technik un nämlech, Nymphe a vue, an duerfir profitéieren eis Fëscher op deier Plaz och dovunner fir de Fësch op eng ganz spannend Aart a Weis no ze stellen. De Site selwer dee mat senger schéiner Natur dozou verleet et och mol méi roueg ugoen ze loossen ass eemoleg an deementspriechend och vu Méckefëscher gutt besicht an awer hu mir nach ëmmer eis schéinste Fësch hei gefaangen.

Fir d´Mëttegiessen hate mir Fësch als Entrée an duerno ass et Choucroute ginn ofgerënnt mat engem Stéck Kéis an als Dessert eng wäiss Mousse. Natierlech huet een eise Fëscher net laang fléiwe missen ewell fir d´Iesse si mir nach Ni ze spéit komm














Säit ee puer Joer reservéiert de Flyfishing Club sech dann och fir eis Sortien de Site esou dass mir ongestéiert eis Passioun ausliewe kënnen, dat huet nëmme Virdeeler an ewell eis Sortië souwisou ëmmer ganz gutt besicht sinn huet dat dann och op Keen ee finanziellen Impakt.

Eis Saison ass jiddwerfalls gutt ugaangen an esou kann et dann och weider goen. Als nächst steet elo eis Coupe Patrick Riehl Ufanks Mäerz um Programm déi mir ewéi ëmmer un Hand vun engem Frëndschaftsfëschen zu Lamadelaine op de Weieren ausfëschen. Och hei dierf natierlech d´Mëttegiessen net ze kuerz kommen duerfir bestelle mir eis all Joers eng Choucroute beim Wiert.







